LSAP Sektioun Gemeng Monnerech

Monnerech, den 25. September 2023

Un de Schäfferot vun der
Monnerecher Gemeng

**Betrëfft:** Interventioun fir de Gemengerot vum 29. September 2022

Här Buergermeeschter,
Madamm an Här Schäffen,

Am Kader vum Gemengegesetz a vum interne Reglement fir d' Organisatioun vum Gemengerot, biede mir Iech des Interventioun, op d' Dagesuerdnung vun der Gemengerotssëtzung vum 29. September 2023 ze setzen.

***Parking Grand-Rue bei der Kierch an hannert der Schoul zu Steebrécken.***
*Eis ass opgefall dass de Parking bei der Kierch zu Steebrécken an der Grand-Rue zënter Wochen komplett besat ass. De gréissten Deel vun de besate Parkplazen sinn Firmenautoen déi de ganzen Dag do stinn. Des Langzaitparker besetzen de gréissten Deel vum Parking. Et handelt sech em Autoen vun Déngschtleeschtungbetriber déi mat hiren Autoen bei Clientë fueren, sou dass d' Leit déi mat den Service-Autoen eraus fueren hier Privatauto wärend der Zäit um Parking ofstellen.*
*Et ass bedauerlech dass de Parking domadder komplett iwwerfëllt ass an et kaum nach Parkméiglechkeete fir Lei déi op de Kierfecht, an d' Mass oder an d' Schoul musse goen zur Verfügung stinn.*
*Am Gemengerot vum 3. Februar 2023 gouf e Verkéiersreglement gestemmt wat op de Parkingen hannert der Schoul sou wéi beim Kierfecht déi maximal Parkzäit mat Disque op 3 Stonne limitéiert.*

*Dowéinst eis Froen un de Schäfferot*

- *Kennt de Schäfferot Problematik vun de Parkplazen zu Steebrécken?*
- *Firwat sinn keng Schëlder mat engem max. vun 3 Stonnen Parkzäit op dëse Platzen opgestallt?*
- *Parkzäit bei der Kierch sou wéi hannert der Schoul sinn op max. 3 Stonne limitéiert. Gett dëst op dëse Parkingen reegelméisseg kontrolléiert?*
- *Gëtt den agent municipal vun der Gemeng domat chargéiert, d' Situatioun am Aa ze behalen an gegeebenenfalls déi néideg repressiv Moossnamen ze huelen? Gëtt eng Zesummenaarbecht mat der Police ugestrieft, fir nach méi efficace géint d' Verstéiss virzegoen?*
- *Si Gespréicher mat deene betraffene Firmaen wéinst der Park-Problematik gefouert ginn?*
- *Wat huet de Schäfferot wëlles hei ze ënnerhuelen fir eisen Awunner weiderhin Méiglechkeet ze ginn hei eng Parkméiglechkeet ze fannen?*

Mat beschte Gréiss.

Conseilleren vun der Sozialistescher Partei.

*Danielle BASTIAN ép. JUCHEM*
*Anne BECKER*
*John VAN RIJSWIJCK*